PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/09/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

Déi aktuell Majoritéit fërdert iwwert verschidden Instrumenter de Bau vu Solaranlagen zu Lëtzebuerg. Vill Leit sinn iwwerzeegt vun der Sonnenenergie a wëllen dofir och eng Photovoltaikanlag bauen. Mir gouf awer zougedroen, dass et speziell bei Gebaier, déi a Gréngzone stinn, méi komplizéiert ass, fir Solarpanels z'installéieren, well een hei nach zousätzlech d'Geneemegung vum Ëmweltministère brauch. An der Äntwert op d'Fro n°3046 haten d'Ministeren erkläert, dass prinzipiell Solarpanels autoriséiert ginn, *"soufern sech duerch d'Installatioun d'Daachform net ännert, d'Panneauen an däischtere Faarftéin sinn an net blénken. Eng Installatioun vu Solarpanneauen op Stänneren op den Diecher vu Gebaier an der Gréngzon ännert de visuelle Charakter vun dëse Gebaier a féiert an der Reegel zu engem gréisseren Impakt, dee konträr ass zum Zil vum Naturschutzgesetz."*

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Demandë fir Geneemegunge vu Solarpanels op Gebaier a Gréngzone goufen et zënter 2014?

2. Wéi vill Demandë goufen ofgeleent an aus wéi enge Grënn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député